

# De' ons d'Liewe gerett hun

Et ass elo just 13 Me'nt hir, dass d'Ligue «Ons Jongen» hir Actio'n «Mir soe merci» ugefängen huet. Grad eso' läng ass et och hir, dass d'Rubrik «De' ons d'Liewe gerett hun» jidder Letzeburger Jong (op Member oder net) offe stét. Trotzdem hu bis elo der nach net vill dovu Gebrauch gemäch.

Ech wéss et si vill Jongen vun de Joergäng 1920—1926, de' vill me' durchzémachen haten we' ech, et sin der vill de' me' gedrillt a gepénegt go'wen ewe' ech, et sin der och vill de' me' läng ewe' de' 11 Me'nt, de' ech fort war weit vun dohém waren, an et hätt net jidderén de' gro's Chance hei an der Minettsge gend bei der Flak ze sin. Trotzdem kann ech ro'eg behäpten, dass mir de' 11 Me'nt de' mir zu De'fferden an der Hadir a spe'der bei der Source Belval' waren no «allen Regeln der Kunst» gestrietzt si gin; awer mir waren zu elauter Letzeburger zesusmen, an dat wéllt villes soen.

Démols am Oktober 1943, we' mir no De'fferdeng verfracht go'wen, war ech just 17 Joer al; d'Preisen waren a Russland am Réckzog, ston-

## Ons Jongen' Duelem soe merci

De 15. Mé 1947 hun zo' Duelem am Sall Weiland-Hoss sech. d'Jongen zesusumme font fir hire Liéwensretter Merci ze soen. Nodém de Komerod Nennig, Secrétaire vun der Sectio'n, all uwíesend Leidd a Komeroden Wéllkomm gehéscht, huet hién spéciell de Gemengeconseil vun Duelem a Briedemes, an de Komerod Wohlfart als Delege'erter vum Comité-Central begresst.

Des weideren huet hién drun erñert, wat «Ons Jongen» hire Liéwensretter schéllieg sin, a wat Si net alles fir «Ons Jongen» gelidden an erdroen a selwer oft mam Do't bezuelt hun.

«Den 1. September huet d'letzeburger Vollek fir seng Jonge gestreikt. Et erféllt ons matt Stolz, wann och Duelem sech virun sengem Nationalheld, dem Arthure Michels, verneipe kann. Vum 1. September un, hun «Ons Jongen» sech verstánen an sech an der Resistenz ge'ntiwer dem Preiss geschlossen als Bloc zesusumme font, égal op si un der Front oder an de Kasáren, am Maquis oder an engen Stopp waren. Mais haut op desen Dag dèrfe mir eis gefále Komerode net vergiéissen.»

Zo' hirem Gedenken erhiéwt sech d'ganz Versammlung vun hire Sétzer.

«Haut ass den Dag do, wo' «Ons Jongen» de Leidd aus der Sectio'n Duelem Merci soen. Den Diplom an d'Plaque ass zwar nemmen e klenge Beweis vun eisem Merci, mais dir le'w Leidd, de' eis d'Liéwen erhálen hun, mir hun Iéch an ons Hierzer geschloss a sin Iéch eweg dankbar.»

Duerno get d'Vérdélung vun de Plaquetten an den Diplome virgeholl. No der Plaqueverdélung betrétt de Komerod J. Wohlfart d'Bühn a matt wärme Wierder dre't hién d'Schaffen an d'Zieler vun der Ligue an d'Hierzer vu senge Nolauscherer. Hié rift «Ons Jongen» op zesusumme ze stoen, un der Ligue «Ons Jongen» fest ze hälen a besonnesch eise Liéwensretter dankbar ze sin. Hién retracéert a kurze Wierder nach eng Ke'er de Leidenswé vun «Ons Jongen» a proteste'ert ge'nt de' ongeheier Ongerechtegkéten ge'ntiwer «Ons Jongen». Matt engem leschten Merci beschle'sst de Komerod J. Wohlfart seng oft durch stárken Applaus énnérbrache Riéd.

Als Ofschloss erkléngt dann ons Nationalhymne, de' vun alle matt gesonge get.

gen an Italien bei Cassino 70 km vu Ro'm eweg, an haten um Balkan all Hénn voll ze din; d'anglo-amerikanesch Aviatior huet aus England an aus Süditalien erop zo'geschloen. Et stong schlecht fir d'Preisen, an trotzdem war démols nach kén Enn ofzegen. Am Juli-August 1944 go'f d'Sach vun Dag zu Dag me' kritischt. No dem mëssgléckten Attentat op den Hitler (20. Juli) sin ons preisesch Drillméschteren vun Dag zu Dag me' éklech gin. A Russland, oder besser a Rumänien an a Polen huet d'Ro't Arme' d'Preisen onberbittelch virun sech hir gedriwen

Zu Belval ass all Dag gemunkelt gin d'ganz Flak aus der Minettsge gend ge'f op Dillingen (Saar) an de Westwall oftransporte'ert gin. Et huet also gehéscht, matt alle Mëtteleen ze versichen eso' schnell we' me'glech de Preisen aus den Aen ze verschwannen. De 27. August war de ganzen Zodie eso' weit agepakt an ech hätt mir virgeholl dé selwechten Dag ze verschwannen. Ech hu mer Ausgang gefröt, an hu vun du un d'Führlong matt all menge Komeroden verluer (we' ech spe'der gehéiert hun, sin si allegueren uni vill Me' gesond dohém zu Letzeburg ukomm). Zu Esch hun ech mech un d'Joffer Schumann, eng Le'erin vu

Letzeburg, de' mir aus fre'erer Zeit hir bekannt war, gewandt. D'Joffer Anna Schumann huet mech un den Hérr Kaplon Bauer verwiesen; durch dem Hérr Kaplon sei Brudder sin ech bei d'Familje Rix aus der Parcströss komm, wo' ech endlech de' verhásst blô-grô Fatz konnt ausdin. Ge'nt der Owend sin ech an d'Escher Neiduerf bei d'Familjen Braun-Welter kom; we' ech spe'der gewuer go'f ass hire jéngste Jong seit Februar 1943 a Russland vermësst.

Kurz Zeit durno hun ech nach e Komerod beikrut, de Marcel Schockweiler vun Höen; hién kruet d'Nues voll bei Schitomir. De Papp Braun, de Franz, an seng Jongen hun eng führing Roll gespillet fir Letzeburger Jongen ze verstoppen an hei wor et och wo' vill Jongen hire Wé fir a Frankreich ugetratt hun. De' méscht haten d'Chance fir durch d'preisech Netz ze kommen, áner si leider dran henke bliwen.

Bei Brauns krut ech alles wat ech nemme wollt (nuren e Radio huet gefélt fir d'BBC London ze lauscheren) an ech ka frei versicheren, dass ech mech démols eso' gudd we' haut bei Brauns am Escher Neiduerf we' a menger zwéter Hémecht gefüllt hun a nach fillen. Ech wért weider si nach soss én dé mir gehollef

huet je vergiéissen. Mais leider hätt nach läng net all Letzeburger dat Glück fir hei énnérdaach ze kommen, a wievill vun onse Jongen leien haut dobaussen a Nordafrika, Italien, Russland, Frankreich oder um Balkan vun enger allie'erter Kugel geträff; we'vell Letzeburger Familjen sin durch d'Onvirsichtegkéti vu Jongen, de' si verstoppt haten, ausénaner gerappt gin a sin zu Belsen, Dachau, Buchenwald, Ravensbrück oder Natzweiler emkomm. Ni durfe mir vergiéissen wat d'Preisen an hir Frénn 5 Joer matt ons gemach hun; ni durfe mir vergiéissen, wat ánerer fir ons gemach hun, e'weg solle mir hinnen, de' ons vum Do'd errett hun dankbar sin.

Jules Weber, Letzeburg.

## Bravo fir de' vun...!

D'lescht war ech eso' zwéschent d'Gutland an d'E'sleck op ént Fest geroden. Et war kurz no dem 1. an d'Bourse war nach ziemlech he'ch am Cours. D'Musék huet gequitscht a gejazzt et war e Genoss. Ronderem, iewerenén, ech go'f dervun ganz dronkeg. D'Veronika, d'Erika, d'Gretele a nach áner importe'ert deitsch Ausländer, (beileiwe ower nemme net «Preisen» soen, dat wär e Spottnumm), hun sech matt hirem Kurt, Hans a wié wés nach an enger flotter fransescher Valse gedrént. Et war eso' «fein» eso' «amüsant». Mé an den Ecken hun d'Duerfjongan sech eremgedréckt, matt lange Gesichter, a be'se, ganz be'se Blécker. Et huet é gespuert e fatzegt Wiéder kommen. Ganz mane'erlech hun Duerfjongan d'Ausländer (eso' gin si offiziell genannt) opgefuerert matt hirem Liebchen hém ze goen. We matt Komplimenten neischt ze mache war, go'f die Kommandoto'n ugeschloen. (Matt Noschlag a Begleitung) Kénnbacken hu Spill kritt a no kurzer Zeit war d'ganz Regiment «am Boden zerstört». Keng Heck war ze he'ch, ké Gruew ze bréit, ons árem deitsch Leidd si gelaf wat gés de wat hues de. Fénnef Minuten nom Generalangriff waren si matt engem Polizeihond net me' ze fannen. All «Ausländer» haten onse Jongen (et waren eso' guer besser geestalt Héren derbei) misse versprüchen, net me' bei d'Musek ze goen, bis se épure'ert wären. Natirlech hatten d'Preisen och eng Conter-Attaque lance'ert. Jiddenefalls et war eng reng letzeburger Feier no Hallefneucht, ons Feier war épure'ert. Mir hun zwar de Preisen de Krich erklärte, mé e Fiddensvertrag hu mir nach net. Nachdruck verboten — Nachahmung empfohlen.

Den Uhu.

## Remerciementsactio'n vun „Ons Jongen“ Esch-Uelzech

Op d'Invitatio'n vun der Ligue „Ons Jongen“ Sectio'n Esch-Uelzech hun sech am Festhall vun der Gewerbescho'l zu Esch all de' Leidd afond de' onse Jongen am Krich enner Liewensgefoer gehollef hun. No enger Begre'ssongsusproch vum Sectio'nsresident Romain Fandel an der hien d'Liewensretter vun Ons Jongen, den Escher Ge'mengerot mam Burgerméschter, de Schefferot an eng Delegatio'n vun der LPPD wellkomm héscht, get hien e kurze Reckbleck op de' schwe'erst Joren de' d'Letzeburger Vollek an der preisescher Besatzungszeit matgemacht huet.

Et wor den 1. September 42, et wor de Moment wo' vill Letzeburger o'ni Rücksicht op de' drakonesch Handlongen vum Preiss vill Jongen eng Dir opgemacht

hun, an bei hinnen hun se eng nei Hémecht fond. Matt Wierder kann én déne Leidd net merci soen, firt den Här Fandel fort, well durch hier Handlong ass de Jonktem dem Land erhalten bliwen. Wann mir alleguer emmer eso' zesusumme stoen genen, da ka keng Gefoer ons schueden.

Nom Här Fandel huet den Här Burgerméschter vun Esch am Numm vun der Gemeng och déne merci gesot de' derzo' beigedroen hun, dem Land seng Jongen ze erhalten. No dèr Ried go'f en d'Diplômen an d'Plaquetten un de' verdengschtvoll letzeburger Leidd verdélt. Den Orchester vum Hèr Reimen huet mam Ofspillen vun der „Freihét“ an der Hémecht de' sche'n an onvergiesslich Feier ofgeschloss.

## Morts pour la Patrie



BOS René  
geb. 6. 4. 25 zu Me'dengen  
gefall de 4. 3. 45 bei Stettin



DIEDERICH Marcel  
geb. 16. 7. 21 zu Moutfort  
gefall de 5. 4. 43 südlech  
vum Ladogasee



LEYSEN Nicolas  
geb. 22. 10. 22 zu Moutfort  
gefall de 26. 7. 43 im Osten